



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Dippech, den 25 décembre 2019

Rapport vun der Sëtzung vum 23. Dezember 2019

Präsenztabell:

Nom:	Ini.	Functioun:	Présent	Excusé
BERGER Arsène	BA	Member		•
DIDIER Lucien	DL	Member	•	
GILLES Joël	GJ	Member	•	
GONCALVES Sandro	GS	Membre coopté secrétaire	•	
HAAG Serge	HS	Membre coopté président		•
HEIDERSCHEID Dan	HD	Member	•	
JUNGBLUTH Fredy	JF	Trésorier	•	
JUNGELS Henri	JH	Präsident	•	
KEISER Claude	KC	Member	•	
MORANG Misch	MM	Member	•	
MORIS Laurence	ML	Member	•	
SPAUTZ Richard	SR	Secretär	•	
TREIS Laurent	TL	Member	•	

Start vun der Versammlung: 19:05h

1. COURRIER

JH:

- Courier vun Aral, e Bon steet eis fir +- 500€ zegutt,
- Kreiesch Henri kënnt sech gutt mat der Gemeng vu Miersch aus an huet e Plang vu Miersch opgestallt mat faarweger Opdeelung vun den Quartieren fir d'Brochüren mi effizient ze verdeelen (ALLERDINGS feelen um Plang awer Recken, Schëndels, Biereng.)

Wat: Brochure verdeelen

Wou: Rdv as beim JH zu Rollingen (Mersch) 15, rue Jaansmillen – 09:00h

Weini: 27+28 Dezember 2019

Wien: 6 Equipen (een Auto pro Equipe)

Sinn derbäi JH, SR, JF (a Brudder Carlo), HS, LD, ML, JG (a sain Fils den Max), Menn, Gremling Fränk (2x), Dostert Sandro + Papp, Lamesch Pitt & natirlech all Fräiwellegen deen de SR nach wäert iwwert eng Email froen fir kënnen auszehellefen.

Extra: lessen am Dimmi Si zu Miersch an der Mëttegstonn mat all de Léit di augehollef hunn (rdv ass do um 12:30h)

Sekretariat: p.a. Richard Spautz, 63, Paul Wilwertz Strooss, L-2738 LËTZEBUERG, richard.spautz@ucdippach.lu, Mobil: 621 610 843-
www.ucdippach.lu

Eis Konten: **CCPL: IBAN : LU43 1111 0249 9364 0000 / BCEEL: IBAN: LU94 0019 6600 0561 9000**

2. FEEDBACK VUN DER VERSAMMLUNG IWWERT D'SECHERHEET UM TRAINING

- JH** Freet nom Résumé vun der Versammlung.
- ML** Huet kuerz e Résumé gemach vun der Versammlung iwwert Secherheet. En Accident erwähnt deen och virum Kuerzem virkomm ass, wou e Kand wat mam Mtb ännerwee war gefall ass ouni datt ee Hëllef geleescht huet a kee richtegen Trainer derbäi war. Dat as genau di Situatiounen di net däerfen virkommen!! All Dënschdeg probéiert d'ML mi oft an der Hall derbäi ze sinn fir den Training.
- GS** Erwähnt datt och décidéiert ginn ass fir datt den Training vun de Jeunes am Fréijoer vum Parking vu Schuller (Gare) aus fortfiert an de RDV fir d'Elteren do ze machen ass, esou datt d'Kanner e bessert Vertrauen können opbauen, ouni nach baussen Facteuren mussen ze berécksichtegen (Autoen op der Stross z.B.).
- LD** Wa mer am Viraus soen datt mer vu Schuller vum Parking aus fueren da lafen mer de Risiko dat d'Coureuren net technik Training wëllen matmachen.

3. VERDEELEN VUN DE BROSCHEUREN

- JH :** Broschüren kaschten 7500-1000=6489€, d'Sponsoren decken di Fraisen.
E klengen Feeler op der Säit 5, do sinn d'Commissaires 2 Mol dran. (Bruno Mergen, Carlo Lutgen, Roby Weber).
D'Foto vun der Couverture as mat dem Awëlliegung vun de Coureuren gedréckt ginn.
Pro Këscht si 24 Broschüren.
D'Broschüren sinn als Informatiounsblat ze verstoen a sinn dowéinst erlaabt an de Bréifkëschten och wann do steet „Keng Reklamen“!

4. ORGANISATION CX CHAMPIONNAT

- JH:** **Pub:**
Spot Radio gëtt op der Säit geloss, géif ze déier an der Uschaffung kaschten.

Den Tom Flammang wollt kucken mam **LD** fir daat op der Plaz ze kucken an e Reportage ze maachen, Facebook géif den **JH** mat dem **HD** organiséieren.

Sponsoren:

Sponsoren vun der FCSL missten invitéeiert ginn (13 Léit) wäiss Bännercher, d'Memberen vun der Fédératioun ginn och invitéeiert mat den gielen Bännercher.
Den Herckes Marc misst och e VIP Pass kréien.

lessen & Drenken:

Spullweenschen muss do sinn, do missten di Tasen Sonndes gespullt ginn, mir kréien awer och vill Glieser quid e 5. Chalet dee géif dann bei d'Häischen vun den Tickete sätzen.

Rappel un eis Kaffistuff (**RS** mecht en Appel am Januar), de Marquage gëtt den 3&4 erëm gemach

Kontroll anti-dopage:

!!!!WICHTEG-KRUZIAL!!!!

9 Coursen, brauchen mer do 4 chaperonen pro Course, relais par 2. 2 Coursen lafen beieneen dofir müssen et der pro Course 4 Stéck sinn.

RS, schwätz nach mam Romain Engels (ALAD) Controle anti Dopage(XXX) deen si dann uweist, HD seet et wär besser datt Si dat machen. Di Uwéisungen sollen d'ALAD machen.

HD d'Coureurë kreien hieren Dossart an di 2 Badgen, Kontroll vun den Parkingë HD, ML do misst een de Parking vun der Schwëmm spären, wéi kënnt een dat organiséieren??JH

Accès, Parking:

HD, ML do misst een dat iwwer d'Gemeng reegelen datt di daat opstellen (d'Verbuettsschëlder op de Parkingen vun der Schwëmm)

De Pol Fantin (Portier) mat deem géifen mer 2 Parkingen fräi gehal ginn fir eisen Agang, den Service technique huet dat scho kritt.

Hannert der Arrivée do wär et ubruecht fir eis Autoen ze parken, beim Camping (bis 8h an dann ass et eriwwer).

Iwwert d'rue de la Piscine do kënnt een op de Camping alternativ wann et dann sollt zou sinn.

Feux d'ambiance (nëmmen wann et kaal as (mat de Fässer)

Verdeelen vun den Tâches

Tâche	Verantwortlechen
-------	------------------

- Signalisation Stross, Parkingen ML, DL, LT
- Inscriptiounë den Dag selwer LT, BOB Simon
- D'Plastics Barrièren ginn geliwwert vum Claude Sauerwein
- Responsabel fir d'Streckeposten fir 10h, HD
- Den CK brieft se, 11 Mann fir 10h bestalt, mussen Kapen, Gillet & Päif kréien.
- Surveillance vum Circuit LD, Bernard MENN
- Kärcher, Claude Sauerwein fir 10h,
- Catering (vun de Saachen zwëscht de Buden)do sinn HS, JH, JF a sain Brudder Carlo
- Quiosque Gedrénks, 4 Léit ab 11h rdv, HD an CK
- lessbudenequipement gëtt alles matbruecht vun Dippech aus, GJ
- Frittebud (ML huet dei organiséiert) 10h do (4 Léit derbäi) GJ
- Tickete Treis Roby a seng Mme
- Espace UCD GS
- Remise Bouquets muss nach geklärt ginn, OUVERT
- Chaperons JF,Carlo Jungblut, HS,Marc Lam.
- Photos SR

DIVERS:

- **D'Banderollen** start 7:30h, den SR bréngt di vun der FSCL fir Donneschdes Moies direkt dohin, JF geet d'Banderolle vu Bofferding/Mathey Masout, Flammang an di Nei sichen, de Rëscht bringt de GJ aus der Garage, samschdes Moies ginn se dann opgehang, de MM bringt d'Kabelbinder,
- **D'Bännercher** müssen onbedingt un all di Léit di wäerten do täteg sinn an si géifen dann sech all an der Reckenger Stross parken,
- Den HD denkt datt mer d'Bongen och müssen matbrengen (di vun 10€) fir un di Léit auszedeelen di héllefén,
- All eis Streckposten müssen eng Lëscht kréien fir ze wëssen ween fiert läut dem ML,
- D'ML schléit vir dat de Camille Godelet am viraus gewuer gëtt iwwer Funk ween ém den Eck kënnt, gëtt als gutt Iddi gesinn, setzt d'ML ém.
- **Kees** (4) 2 Léit pro Kees, di dann um 10:00h (rdv 9h) opmaachen (start as um 12h)
- **Entrée** 9€
- **Parking ouverture** 7:30h, barrière geet um 8h op a gëtt garantéiert bis 11h-11:30h läut dem Undrang,
- **Kaffistuff** as virgesinn mat 4 Léit ab 10h, 10:30h an 12h.

- **2 Pompjën**, Kannerduerf an 2 um CR103(rue de Reckange), di sinn ab 10h do,
- **Grillbuud**, Majerus Jean Claude (2X), Dostert Nico,(réserve Sassel Nic fir den DL an de Menn)
- Sandro Doster ML schléit deen vir (deen kéint gär kommen fir ofzerappen)
- **Espace VIP** ouverture 12h, security (Lino) fir 11h,
- **LD** schléit vir datt Meindes den 30./12, rdv 09h fir **d'Pickëten** ageschlo ginn, de Fiechter muss dann och Bescheed gesot kréien (SR), JH rifft dem Här Welter nach un,
- **JF** Haaptsponsoren (9) missten jo bal invitierert ginn, da missten se och e Bännchen vum UCD (18)
- **JH** Plang B den GJ géif den Trakter matbrengen, quid mam Bus vun der Jury ze beféstegen da géif den MM Plaques matbrengen fir de Bus stabil ze halen, falls d'Wieder net grad gutt as,
- **LD** bestätigt datt genuch Téppich do fir datt een zwëscht den Zelter ka goen.

→PLANG VUM JH KUCKEN (DEEN EN EIS NACH SCHECKT)

5. DIVERS (FOIRE AUX QUESTIONS)

- LM** freeet d'FSCL wéini d'Dossards an d'Epaulettes zur Verfügung sinn ? SR seet as alles bestalt a si sinn fir spéitstens Samschdeg do, den LT geet se sichen fir sécher ze stellen datt mer se hunn,
- ML** 26/12 as keen Training, dofir den 2.ten Januar geet et erëm lass., wéivill sinn der momentan ugemëlt um CX? Et sinn de Pacquet Tom (via la FCSL), Mil Morang, an Steven Jung.
- DL** Mondorf do klappt nach net beim Umëllen, et muss een sech méi am Viraus um offiziellen Site umëllen. An ofmëllen kann een sech och (wann een wees datt een net kënnt!!!) **HJ** schléit fir dat e Rappel sollt gemach ginn iwver Whatsapp Group unzemëllen an ofzemëllen !!!

Schléit fir datt mer 2-3 Datumen hunn fir der Buergermeeschteg virzeschloen wéinst eisem Training Terrain ze kucken.
- JF** Fro: D' Subsiden vun Ministère des Sports, dëst Joer hu mer keng kritt, as dat normal ?
SR erklärt wisou mer der dëst Joer keng kruten, do war d'Demande net mi mat Zäit agereecht ginn, Deadline fir d'Areechen as 15 Juli, ML & GS iwverhuelen den Deel vun der Demande.

D'Gemeng Dippech huet den normalen Subside iwwerwisen, et feelt nach en Deel deen nach muss bezuelt ginn,
- JH** Resuméiert den Owend vun der Schéckiwverreechung an d'Gaaschtfréndlechkeet vun de Léit vum Kannerduerf,
- GU** d'Holz fir di Feierfässer do?? dat wär kee Problem a gëtt jo just éingesat wann et sollt kal sinn,
- SR** Etat des Clubs fir d'Fédératioun gëtt ereischt agereecht no der AGO am Februar,
D'Demande d'affiliations do mussen der 30 ugefrot,
Demande d'Assurancen Casco sin 330€ fälleg, mee di gi jo vum Ministère zeréck erstatt, (Casco di vum Cosl gemach gëtt fir d'FSCL)
Escher Securisten hunn den Ok ginn
UCI kréien mer en NL Commissaire (fir de Bob Jungels)
P&Ch Autorisatioun (3/4.1) rufen un weinst dem Championat, fermeture ab 06:00h, an dann ginn d'Schëllter émgédtréint.
- JH** D'Camionette muss esoubal se do as bei de Grillo fir d'Ausmossen an den Marquage.

Enn vun der Versammlung 22h.

Notéiert iech wgl. dës 3 Datumen:

Wéini	27+28.Dezember ëm 9.00 Auer	20. Januar 2020 ëm 19.00 Auer	28. Februar 2020 ëm 19:00 Auer
Wat	Ausdeelen vun den Broschüren fir den CX zu Miersch	Versammlung vum Comité	Generalversammlung (AGO)
Wien	All di können kommen		
Wou	Rdv as beim JH Rollingen (Mersch) 15, rue Jaansmillen	Centre Culturel Dippech, 64 A, route de Luxembourg	Centre Culturel Dippech, 64 A, route de Luxembourg

Dagesuerdnung vun der Versammlung vun Méindeg, den 20. Januar 2020 (Projet)

1. Courier
 2. Invitatiounen fir d'AGO
 3. Organisation GP Bob Jungels
 4. Divers
-